

Lëtzebuerg, den 5. Januar 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,


Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Nom Broch am Tunnel Schieburg tëscht Kautebaach a Wëlwerwolz viru bal fënnef Méint ass vun der CFL matgedeelt ginn, datt déi infrastrukturell Aarbechten amgaang sinn an datt se net virun Abrëll ofgeschloss wäerte kënnen ginn.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

- Wat fir Aarbechte konnte bis elo am Tunnel weidergedriwwen respektiv ofgeschloss ginn?*
- Ass et eventuell zu Komplikatiounen oder onerwaarte Constraintë komm?*
- Kann den ugekënnegten Timing a gehale ginn oder besteet e Risiko, datt dës Aarbechte méi laang brauche wéi ugeduecht?*
- Ass vu Säite vun der CFL virgesi fir déi betreffen Usageren a Gemengen a reegelméisseg Ofstänn iwwer de Verlaf vun den Aarbechten z'informéieren?“*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu